



Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

M. Fernand Etgen, Président

p. 64

2. 8209 – Projet de loi autorisant l'État à accorder une dotation annuelle à l'établissement public « Média de service public 100,7 » pour les exercices 2024 à 2030 inclus

p. 64

Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications : M. Pim Knaff

Discussion générale : Mme Diane Adehm | Mme Francine Closener | Mme Djuna Bernard | M. Fernand Kartheiser (interventions de Mme Josée Lorsché et Mme Djuna Bernard) | M. Sven Clement | M. Roy Reding

Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias (intervention de Mme Myriam Cecchetti) | M. Yves Cruchten (parole après ministre) | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) | M. le Ministre Xavier Bettel

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8209 et dispense du second vote constitutionnel

3. 7989 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales

p. 68

Rapport de la Commission des Classes moyennes et du Tourisme : Mme Carole Hartmann

Discussion générale : M. Félix Eischen | Mme Simone Beissel | Mme Tess Burton | Mme Semiray Ahmedova | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7989 et dispense du second vote constitutionnel

4. 8009 – Projet de loi portant modification :

1° de la loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière ;

2° de la loi modifiée du 29 avril 1983 relative à l'exercice de la profession de médecin, de médecin-dentiste et de médecin-vétérinaire ;

3° du Code de la sécurité sociale

p. 74

Rapport de la Commission de la Santé et des Sports : M. Mars Di Bartolomeo

Discussion générale : M. Claude Wiseler (intervention de Mme Nancy Arendt épouse Kemp) | Mme Carole Hartmann (dépôt de la motion 1) (interventions de M. Mars Di Bartolomeo, M. Michel Wolter, M. Roy Reding, Mme Nancy Arendt épouse Kemp, M. Léon Gloden et M. Claude Wiseler) | M. Dan Kersch (interventions de M. Michel Wolter, M. Claude Wiseler, M. Yves Cruchten, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Octavie Modert et M. Léon Gloden) | M. Claude Wiseler (parole pour fait personnel) | M. Dan Kersch | M. Marc Hansen | M. Jeff Engelen (interventions de M. Fernand Kartheiser et M. Dan Kersch) | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement | M. Roy Reding (intervention de M. Dan Kersch) | M. Mars Di Bartolomeo (intervention de M. Sven Clement)

Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé (intervention de M. Roy Reding) | M. Sven Clement (parole après ministre) (intervention de Mme la Ministre Paulette Lenert) | Mme la Ministre Paulette Lenert

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8009 et dispense du second vote constitutionnel

Motion 1 : Mme Carole Hartmann | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | M. Claude Wiseler | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement

Vote sur la motion 1 (adoptée)

5. 8260 – Projet de loi portant dérogation aux articles 55 et 56 du Code de la sécurité sociale en relation avec l'accord entre le Gouvernement, l'UEL et les organisations syndicales OGBL, LCGB et CGFP du 7 mars 2023

p. 92

Rapport de la Commission spéciale « Tripartite » : M. Dan Kersch

Discussion générale : M. Marc Spautz | M. Gilles Baum | M. Dan Kersch | Mme Josée Lorsché | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8260 et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; M. Lex Delles et M. Claude Haagen, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 08.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Fernand Etgen, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Xavier Bettel, Premier Ministre | Nee, Här President.

2. 8209 – Projet de loi autorisant l'État à accorder une dotation annuelle à l'établissement public « Média de service public 100,7 » pour les exercices 2024 à 2030 inclus

M. Fernand Etgen, Président | Mir fänken d'Sitzung vun de Moien u mam Projet de loi 8209 iwwer eng järelech Dotatioun un den 100,7. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo direkt den honorabelen Här Pim Knaff, dee Rapporteur ass vun dësem Projet de loi.

Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications

M. Pim Knaff (DP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat dësem Projet de loi gi mer der Konventioun tëscht dem Staat an dem Média de service public 100,7 e gesetzleche Kader.

Als ëffentlechen an neutrale Medieservice ass de Média de service public 100,7 eng onofhängeg Source, déi no festgeluechte Krittären an Normen eng gutt Balance vun der Informatioun an en héijen Niveau u Qualitéit fir de Public assuréiert. Mënschenrechter, kulturell Diversitéit, politesche Pluralismus a sozial Kohäsioun ginn duerch de Service zu all Moment assuréiert.

Den „100,7“, wéi en deemools gäre vun de Leit genannt gouf, besteet säit 1993. Mam Gesetz vum 12. August 2022 gouf de Radio nei als „Média de service public 100,7“ opgestallt. Éischt Konventiounen goufen et fir d'Joren 2015 bis 2018 an da fir d'Joren 2019 bis 2023.

Och an deem neien Text ass eng pluriannuel Konventioun tëscht dem Staat an dem Mediendéngscht virgesinn. Ugeleent un d'Konventiounen mat der CLT-UGA an dem RTL Group soll dës nei Konventioun och iwwer eng méi laang Zäit goen, nämlech siwe Joer. Dëst erlaabt éischters dem Service eng gréisser Previsibilitéit a gëtt och méi Zäit a Raum, fir Projeten a Missiounen kënnen ze developpéieren an auszeschaffen, also ze réaliséieren.

Mam neien Numm wäert de Média de service public nämlech net méi just de Radio assuréieren, mee och seng digital Offer a Servicer fir de Public developpéieren. Dës Konventioun an de Finanzement erlaben et dem Service also fir d'Zukunft, déi digital Transition nach besser ze suivéieren, ewech vum primäre Radioservice d'Offer nach auszebauen an de Service esou duerch eng gréisser Villfalt ze beräicheren a méi komplett ze maachen.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, eng Kéier kuerz op déi dräi Artikelen aus deem Projet de loi anzegoen.

Den Artikel 1 hält, wéi gesot, fest, dass et eng Konventioun gëtt tëscht dem Staat an dem Média de service public 100,7.

Den Artikel 2 fixéiert de finanzielle Kader, an deem mer eis beweegen. Zum Finanzement sief gesot, dass hei baséierend um Budget 2024–2030 e komplette Finanzement vun 78.896.420 Euro festgehalen ass, hors TVA, dëst, wéi gesot, iwwert déi nächst siwe Joer. Dat sinn da pro Joer an der Moyenne eng ronn 11 Milliounen Euro, an deem enge Joer e bësse méi, an deem aneren e bësse manner. Als Beispill: Am éischte Joer sinn et ronn 9,5 Milliounen.

Finalement seet den Artikel 3 eis, datt d'Dotatioun vum Staat fir de Média de service public 100,7 an de

Staatsbudget ageschriwwé gëtt an deem deemno och belauscht.

Dëst gesot denken ech, ass et eng positiv Saach, datt de Service och an Zukunft weider a senger Missioun an a senger Aarbecht ënnerstëtzt gëtt. All weider Detailler an och d'Detailler iwwert d'Avise fannt Der am schrëftleche Rapport.

Ech ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Knaff.

An als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Diane Adehm agedroen. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Diane Adehm (CSV) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëllt ech dem Rapporteur Pim Knaff villmools Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Et ass e kuerze Gesetzesprojet, dee mer haut stëmme wäerten. Et ass awer een, dee wichteg ass, well mir sinn der Meinung, dass staark an onofhängeg Medien äusserst wichteg si fir eis Demokratie, an dozou gehéiert eeben och e professionelle Journalismus.

En éischte Schrëtt an dës Richtung hu mer d'lescht Joer mam Vott iwwert d'Gesetz gemaach vum Média de service public 100,7. An an deem Gesetz gouf eeben dem 100,7, wéi en dann, e bësse salopp gesot, ëmmer genannt gëtt, wéi gesot, seng Onofhängegkeet garantéiert. D'Missioun si preziséiert ginn a schlussendlech gouf d'Gouvernance dovunner och moderniséiert.

An deem Kontext ass de Gesetzesprojet vun haut iwwert d'Dotatioun fir d'Joren 2024–2030 un de Média de service public déi logesch Fortsetzung vum Gesetz, dat mir d'lescht Joer gestëmmt hunn. Den 100,7 kritt eng finanziell Sécherheet fir déi nächst siwe Joer a ka sech domadder weiderentwéckelen, esouwuel wat seng Infrastrukturen ugeet wéi och seng personell Ressourcen.

Als CSV begrësse mir dës Gesetzesprojet. An ech ginn heimadder den Accord vu menger Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Adehm. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Francine Cloesener.

Mme Francine Cloesener (LSAP) | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, bal genoe ee Joer ass et hier, datt mer heibannen dat neit Gesetz vum radio 100,7 gestëmmt hunn. De radio 100,7 krut domadder e Kader, deem den Ufuorderungen entsprécht, déi haut u Medie gestallt ginn. Mee e Gesetz ass ëmmer nëmmen esou gutt wéi seng Executioun. Wien A seet, muss och B soen. A wann een et eescht mengt mat deem Kader, da muss een dem Radio och déi finanziell Mëttele ginn.

Dat maache mer haut hei mat deem Gesetz an dat op eng ambitiéis Aart a Weis, esou wéi de Rapporteur, deem ech fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport e grouse Merci soen, et och schon ënnerstrach huet. Ronn 80 Milliounen Euro bis 2030 inklus ginn hei zur Verfügung gestallt. Dat ass e Budget, dee sech weise léisst an deem et dem radio 100,7 erlaabt, seng nei Aufgaben optimal ze erfüllen.

Et ass fir eis selbstverständlech, datt mer dës finanziellen Effort matdroen, vu datt jo och d'LSAP a

besonnesch an der Persoun vum Robert Krieps wéi soss keen aneren derfir gekämpft huet, datt mer den ëffentlech-rechtleche Sender géife kréien. Am Ufank, wéi de soziokulturelle Radio 1993 fir d'éischte Kéier on air gaang ass, gouf et zum Deel nach ganz haarde Widerstand. De Radio huet jo och nëmmen nomëttes dierfe senden. Natierlech hat en et dowéinst besonnesch schwéier, sech ze behapten. Duerfir si mer haut ëmsou méi frou, datt déi Zäiten eriwuer sinn an datt de Radio net just confirméiert ass, mee nei Missiounen krut an dann elo och déi néideg finanziell Mëttele.

Eng vu sengen Haaptmissiounen bleift et, fir Noriichten ze senden. Et ass extreem wichteg, datt de Radio heifir d'Moyene kritt, fir dëser wichteger Pflicht nozekommen, ouni datt et iergendwellech kommerziell, finanziell Zwäng géife ginn. Spéitstens d'Pandemie huet eis jo gewisen, wéi wichteg et ass, neutral Informatiounsquellen ze hunn, an elo weist eis den Ukrain-Krich all Dag, wéi wäit Desinformatioun ka goen.

De radio 100,7 ze stäerken heescht deemno, d'Pressefräiheet an de Pluralismus vun eiser Mediellandschaft stäerken, well den 100,7 bis dato deem eenzegen ëffentlech-rechtleche Sender ass, dee mer nun emol zu Lëtzebuerg hunn.

Eng weider Missioun, déi e kritt, besteet doranner, seng Onlinepresenz auszubauen. Dat ass keng Optioun, dat ass an eiser digitaler Welt ganz einfach e Must. Se soll awer net als nerverg Oplag fir d'Journalisten ugesi ginn, mee als Chance, well och den 100,7 muss mat der Zäit goen a seng Reechwäit wa méiglech erweideren, well déi ass aktuell, dat muss een esou soen, dach awer nach ausbaufäeg. Dat soll geschéien, net andeems de Radio op Boulevard-journalismus setzt, mee, am Géigendeel, andeems en d'Schinn vum Qualitätsjournalismus konsequent weiderfirt.

D'Konventioun leeft, wéi gesot, bis 2030, gradewéi eng aner Konventioun: déi mat der CLT-UFA, dat heescht mam RTL Group. Wéi mer heibannen dorwuer geschwat hunn, hat ech scho gesot, mir missten déi Zäit bis dohinner notzen, fir ze kucken, wéi mer en eegenen ëffentlech-rechtleche Medium op d'Bee setze kënnen. An ech soe bewosst net ëffentlech-rechtleche „Sender“, mee „Medium“, well bis 2030 wäert d'Aart a Weis sech weiderentwéckelen, wéi Norichte gesent a konsumméiert ginn. Wat awer bleiwe muss, ass onofhängege Journalismus. Duerfir ass et wichteg, e Konzept auszuschaffe vun engem eegene Lëtzebuerger Medium fir déi Zäit no 2030. Wéi dat Konzept ausgesäit, reste à voir.

Fir eis steet awer op alle Fall fest, datt de radio 100,7 an dës konzeptuell Aarbecht muss mat agebonne ginn. Do kënnen dann och d'Resultater vun der Etüd mat afléissen, déi elo de Radio mécht, fir ze kucken, ob et Sënn mécht, den ëffentlech-rechtleche Sender an enger anerer Sprooch ze bedreiwéi wéi Lëtzebuerger, absolutt iwwerleeswäert, grad an eiser heterogener Gesellschaft.

Mir si quasi um Enn vun dëser Legislaturperiod ukomm an am Medieberäich ass vill geschafft ginn. Mat der Reform vun der Pressehëllef sinn déi geschriwwen Press an d'Onlinemedie gestärkt ginn. Duerch d'Konventioun mat RTL an elo mam 100,7 geschitt dat och fir déi audiovisuell Medien. Si kréie Previsibilitéit an engem Milieu, deem et net esou einfach huet aktuell. An och wann am Medieberäich nach net alles ëmgeseit ginn ass, ech denken notament un d'Aféierung vum DAB-System oder d'Reform vum Mediengesetz vum 1991, déi sech jo awer opdrängt, sou ass de Grondsteen awer

geluecht, fir eng seriö Medienaarbecht och an den nächste Joren zu Lëtzebuerg ze maachen. Dat si mer eis selwer als Gesellschaft schëlleg, well ouni eng fräi Press gëtt et nun emol keng Demokratie.

An duerfir ginn ech natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun fir dës Projet de loi a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cloesener. An dann ass et un der Madamm Djuna Bernard.

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Merci, Här President. Meng Virriednerin sot et ganz richteg: Wann een A seet, muss een och B soen. An d'lescht Joer hu mer dem radio 100,7, wéi mer en awer alleguerten nennen, en neie Kader ginn. An an deem Sënn ass et eng logesch Suite, dass mer haut och d'Finanzéierung iwwert déi nächst siwe Joer wäerte stëmme.

Siwe Joer Previsibilitéit ass e ganz wichtegen Outil fir de Radio, fir sengen neien Aufgaben an och der Entwécklung vun der Zäit gerecht ze ginn. Et si grouss Changementer an der Aart a Weis, wéi mer Medie konsumméieren, déi op eis duerkommen a wou sech d'Medien och mussen deemno adaptéieren. Ob dat iwwert d'App ass, iwwer Podcastform, iwwer Videoen, déi ee ka kucken, oder de klassische Radio, dat sinn alles nei Tendenzen.

An ech mengen, dass, wann een do déi néideg finanziell Rumm zur Verfügung stellt, een einfach och do den Innovativgeescht ka fërderen. Dat maache mer, andeems mer net nëmme dem radio 100,7 eng finanziell Rumm ginn, mee em och d'Méiglechkeet ginn, d'Nolauschterinnen an d'Nolauschterer mat anzubannen, mam Nolauschtererrot. Och dat ass en Novum, deem natierlech och muss encadréiert ginn. Deementspreechend si mer ganz frou, dass mer do eng gutt finanziell Enveloppe kënnen zur Verfügung stellen.

Ech wëll dem Rapporteur en häerzleche Merci soe fir säin ausféierleche Rapport an ech ginn heimadder den Accord vun der grénger Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Bernard. An dann ass et um Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Här President, villmools merci. Dir Dammen an Dir Hären, jo, dat hei ass effektiv fir Lëtzebuerg och e wichtige Projet, och wa mer hei relativ séier derduerch ginn. Den Här Knaff huet eis e ganz gutt presentéiert. Villmools merci.

Mir ginn hei 79 Milliounen Euro un deem eenzegen ëffentlech-rechtleche Radio, dee mer zu Lëtzebuerg hunn. Dat ass natierlech vill Geld. Dofir loosst mech soen, datt d'ADR prinzipiell der Meinung ass, datt mer eng Pressehëllef hei zu Lëtzebuerg brauchen, well soss kéint eis Mediellandschaft net iwwerliewen. Dat ass nun emol eng Tatsaach. Dat ënnerscheet eis och vun anere Staaten. Mir bekennen eis zu enger breeder Presselandschaft zu Lëtzebuerg, selbstverständlech enger fräier Presselandschaft an och esou wäit wéi méiglech enger Press a Lëtzebuerger Sprooch, wat jo um 100,7 och gemaach gëtt.

Mir begrëssen et och ausdrécklech, datt se och innovativ sinn an datt se eigentlech elo zrëckkommen e bëssen op déi Diskussioun, déi um Originn war vum 100,7, nämlech déi vun der klassischer Musek, datt och elo do e Schrëtt gemaach gëtt iwwert den opus 100,7, fir dat weider ze promouvéieren. Sou wäit, sou gutt.

Elo muss mer awer och soen, datt den ëffentlech-rechtleche Radio a ville Länner an hei och zu Lëtzebuerg e bëssen awer an der Kritik steet, well en

eeben éischter déi Erwaardunge vum Public net erfëllt am Sënn vun enger politescher Neutralitéit.

Och hei am Rapport, deen den Här Knaff eis gemaach huet, ass e bësse beschriwwen, wat dann elo d'Aufgabe wäre vun deem Radio, wéi en da seng Aufgabe soll erfëllen. Do gëtt geschwat vun eetheschen Normen, vu Qualitéit éleevé, vun enger pluralistescher Kommunikatioun, vun enger sozialer Kohäsioun, vu Valeure promouvieren, déi an enger demokratescher Gesellschaft modern sinn, vun enger kultureller Diversitéit a vun engem politesche Pluralismus. Dat sinn alles schéi Saachen, och wann ee sech heiansdo muss froen, wat do dermat gemengt ass. Mee eppes ganz Wichteges ass hei net genannt ginn an dat ass déi politescher Neutralitéit.

An et ass eigentlech dat, wat mir an och ganz vill Leit sech vun engem ëffentlech-rechtliche Radio erwaarden, dee mat de Steiersue vun de Steierzueler hei am Land bezuelt gëtt, vu jidderengem, ob se elo hei déi Lénk wien oder d'ADR, mee jidderree bezilt mat a jidderree erwaart sech doduerch, dass esou en ëffentlech-rechtliche Radio strikt neutral ass. Dat ass d'Erwaardung. Am Ausland hu mer änlech Diskussiounen an de facto gesi mer, dass dat net de Fall ass.

Bei RTL ass d'Saach e bëssen änlech, mee deen ass net ëffentlech-rechtlich. Do drécke sech d'Minister am „Background“ d'Klensch an de Grapp. Dat ass och net gutt. Mee dat ass elo nach e bëssen en anere Sujet.

Mee beim 100,7 hu mer emol eng Statistik gemaach vum 1. Januar 2021 bis den 29. November 2022, fir Iech ze soen, wien dann do zum Beispill den Invité war, op Parteien opgedeelt. Dat ass ganz interessant. Well mir erwaarden eis jo, an net zu Onrecht, géif ech mengen, als Lëtzeburger Bierger eng politesch Neutralitéit. Elo hu mer dann ... Déi Statistik ass och vläicht net perfekt. Mir haten eng gefrot vum 100,7, déi ass ni erstallt ginn – et pour cause, pour cause! Mir wieren awer frou, wa mer eng offiziell Statistik kréichen. Dofir ass déi hei elo vläicht op eng oder zwou Zuelen net 100%eg korrekt. Dofir bieden ech Iech, mech ze entschëllegen, mee et ass eeben artisanal a mir hu keng offiziell Zuelen.

An do stelle mer fest, dass: LSAP 37, déi gréng 30, DP 24, CSV 23, déi Lénk 7, Fokus 3, Piraten 7, ADR 5, KPL 1. Ech brauch Iech net ze soen, dass dat, wann Der et norecht, net proportional ass zum Beispill zu den elektoralen Stëmmen oder der Verdeelung hei am Sall, wat awer heescht, konkret, dass déi méi lénk Parteien ..., an do hunn ech elo mol arbiträr, ech mengen, dat brauche mer elo net ze diskutieren, komplett arbiträr ..., mee éischter elo LSAP, déi Lénk an déi gréng, déi wäeren op 74. Wann een d'Piraten nach derbärechent – wéi gesot, Kolleegen, entschëllegt, et ass arbiträr, mee Dir hutt eng Rei Fuerderungen, déi Iech tëschent déi Lénk an déi gréng setzen –, do wäre mer op 88, während d'DP, d'CSV an d'ADR, déi awer weinstens emol an ekonomesch Beräicher éischter méi liberal denken, op 52 kommen.

Dat heescht, mir hunn also, wat elo déi ekonomesch, ekologesch an aner Themata ugeet, eng Divisioun vun 88 zu 52. Do ass kee Gläichgewicht, mol net vun den eenzelne Parteien ze schwätzen. Dat schuet der Kreditabilitéit vun engem ëffentlech-rechtliche Radio. Dat ass einfach esou!

Wat mir also soen als ADR, ass: Mir soe jo zur Pressehëllef, mir soe jo zum ëffentlech-rechtlichen 100,7 an encouragéiere si a wëllen hinnen alles Guddes wënschen, awer mir erwaarden, dass de Prinzipp vun der politescher Neutralitéit an Zukunft besser respektéiert gëtt. An ech mengen, mir hunn dat Recht, dass ze fuerderen. Mir hunn dat Recht, dass

ze fuerderen, well jidderree, dee Steiere bezilt, bezilt dee Radio mat. An all Meenunge sollen do vertruede ginn, esou wéi et eigentlech och geduecht ass.

Ech soen Iech Merci.

M. Fred Keup (ADR) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kartheiser.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Här President!

M. Fernand Etgen, Président | D'Madamm Djuna Bernard freet nach d'Wuert.

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Merci, Här President. Ech géif gär den Här Kartheiser d'Fro stellen, ob hie grad reell hei op der politescher Tribün suggeréiert huet, dass den ëffentlech-rechtliche Radio 100,7 net politesch neutral wier. Ass dat esou?

M. Fernand Etgen, Président | D'Wuert geet zrëck un den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Dir hutt komplett richtig verstan. Jo! Jo, ech soen: Den ëffentlech-rechtliche Radio 100,7 ass net politesch neutral. Ech hunn Iech Statistike virgelies. Zum Beispill ass d'ADR wäit ënnerrepresentéiert, mee mir net eleng.

(Interruptions)

A mir hätte gär, vu dass mer alleguer hei am Land – alleguer! – derzou bäidroen, dass dee Radio bezuelt gëtt, dass och all Meenungen do solle vertruede sinn op eng gerecht Manéier. Dat ass am Abléck net de Fall.

Merci.

M. Fred Keup (ADR) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser. Wëllt nach een d'Wuert zu deem Projet de loi ergräifen? Den Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, merci och un de Reporter, fir d'Zuelen nach eng Kéier schéin auszubreeden. Ech mengen, dass dat eent vun deem heite Gesetz. Dat anert ass, dass mer dem radio 100,7 eng Planungssécherheet ginn op déi nächst Joren, wou mer och garantéieren, dass déi Dotatiounen verfassungskonform an e Gesetz geschriwwen ginn. Ech mengen, dass ass an deene leschte Méint, an ech géif soen, an deem leschte Joer, ëmmer eng Diskussioun gewiescht, ab wéi engem Montant, wéi laang mer dat müssen an d'Gesetzter schreiwen a wéi déi Gesetzter müssen ausgesinn. Ech begrëissen also dofir ausdrécklech, dass mer hei de Wee gesicht hunn, fir dat esou rechtssécher wéi méiglech ze gestalten.

Ech hu mer elo grad bei der leschter Intervention e bëssen d'Fro gestallt, ob een dann net an där Statistik och nach misst Liberté Chérie opzielen, well, ech mengen, déi waren déi lescht Deeg daitlech iwwerrepresentéiert. Mee dat ass eeben der Aktualitéit geschéit. An ech géif mech hei hidden, op der Tribün engem Journalist wëlle virzeschreiwen, wéi en d'Aktualitéit ze couvréieren huet. Et ginn nun emol Momenter, wou déi eng Partei méi an der Aktualitéit steet an dann emol déi aner. A jidderree vun eis heibannen, deen eng Invitatioun kritt, fir op de Radio ze goen, moies an den „Invité vun der Redaktion“ oder an den „Invité: e vum Dag“, dee gesäit dat ëmmer als zweeschneidegt Schwäert. Als Éischt seet ee sech: „Jo, dat ass eng super Chance, fir mech an d'Liicht ze setzen.“ Op där anerer Säit freet ee sech direkt: „Wéi e Journalist wäert mer dann do wéi eng Fro stellen?“

An och dat muss ee sech natierlech an esou enger Statistik ëmmer bewosst sinn. Et ass natierlech

einfach ze soen: „Jo, doduerjer ass eng Partei iwwerrepresentéiert.“ Dat ass awer net de Fall. Well wann een nëmme mat negative Schlagzeilen do ass, da wëllt ee keng 100 % erreechen. Da wëllt ee léiwer ënnerrepresentéiert sinn, wéi wann ee positiv couvéiert gëtt.

Dat gesot, mengen ech, ass politesch Neutralitéit eppes vill méi Komplexes wéi einfach nëmme Zuelen erofzeratzen, wie wéi oft invitéiert gouf. An et muss ee sech bewosst sinn, dass den ëffentlech-rechtliche Radio hei zu Lëtzebuerg mat dem Ausbau och vun deenen neie Medien – ech denken do un d'Podcasten, ech denken do un hir Webpresenz an elo och iwwert de visueller Radio, dee se jo säit Kuerzem och hunn – definitiv säi Bescht mécht, fir eeben eng breet Ofdeckung vun der Gesellschaft ze erreechen, och eng breet Ofdeckung vum politesche Spektrum ze erreechen an och vläicht heiansdo déi Leit ze invitéieren, déi soss net onbedéngt eng Plaz op der Antenn géife kréien. An dat ass, mengen ech, och derwäert, fir dat ëffentlech ze finanzéieren.

Dat gesot, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, ginn ech den Accord vun de Piraten fir dese Projet. Ech soen Iech Merci.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement. An da ginn ech d'Wuert un den Här Roy Reding.

M. Roy Reding (Liberté Chérie) | Merci, Här President. Well ech ernimmt gi sinn – ech wollt eigentlech net hei zu deem Projet schwätzen –, erlaben ech mer awer, zwee Sätz ze soen; deen éischten un d'Francine Closener: D'Räichwäit vum 100,7 ass wäit méi grouss, wéi Der denkt. Wann ee kuckt, wéi vill Messagen dass ee kritt net engem Interview um 100,7, do si ganz, ganz vill Leit, déi dee Radio lauschteren, wat ee sech net onbedéngt géif erwaarden.

Als Zweet wollt ech awer de Fernand Kartheiser hei a Schutz huelen.

Plusieurs voix | O!

M. Roy Reding (Liberté Chérie) | Jo, dach, absolutt, absolutt.

(Interruptions)

Politescher Neutralitéit léisst sech natierlech net qualitativ moossen. Ech muss soen, ech krut gëschter ganz fair – ganz kritesch, mee awer och ganz fair – Froe gestallt. Dat war impeccabel. Do ass guer näischt dergéint ze soen.

Mee déi Zuele schwätzen awer och eng kloer Sprooch. An et ass wouer – et ass wouer! –, dass gewësse Parteien méi oft, vill méi oft, Antennenzäit kréie wéi aner. An anstatt doriwuer elo hierzefalen, soll ee sech dat einfach emol eng Kéier duerch de Kapp goe loossen a soen, ok, dat eent ass, wéi gesot, d'Qualitéit, mee dat anert ass awer och d'Quantitéit vun Antennenzäit. An déi ass jo och an anere Länner weesentlech méi streng gereegelt wéi bei eis. Voilà. Méi hätt ech soss net ze soen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Reding.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Staats- a Medieminister Xavier Bettel.

Prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias | Merci, Här Chamberspräsident. Fir d'éischt erlaabt mer, dem Här Knaff Merci ze soe fir de Rapport. Mir haten, d'Madamm Aehm ass och

scho just drop agaang, en Debat jo 2020, mir haten duerno och den Text, d'Reform, déi mer och als Konklusion vum deem Debat hei gestëmmt hunn. An hei ass dann eeben d'Finanzierungsgesetz und von 2024–2030. Et ass nämlech wichtig, dass och e radio 100,7 Previsibilitéit kann hunn, fir sech kennen ze organisieren.

Ech wëll just drun erënneren, ech mengen, d'Madamm Closener huet och gutt beschriwwen am Fong, wéi d'Geschicht vum deem Radio war: Et war de „radio socio-culturelle“ a „culturelle“ war am Fong dat, wat am Ufank dat Wichtigst ginn ass. D'Mission vum Radio ass haut och eng aner ginn. Et geet ëm Infoen; et geet ëm Divertissement, et geet och ëm Information. An d'fir ass et och wichtig, dass déi Moyenen dem Radio zur Verfügung gestallt gi sinn, wou an der Zäit méi am Fong Concerten opgeholl gi sinn an diffusiert gi sinn an dertëscht heiansdo ee geschwat huet. Haut ass et e Radio ginn, deen och ganz funktioniert.

Fir eis ass et wichtig, mat hinnen deen Echange och gehat ze hunn an eeben och deen Accord fonnt ze hunn iwwert déi Moyenen, déi hinnen zur Verfügung gestallt ginn. Dir wësst, dass mer jo och eng Rëtsch vu Punkte scho geännert hunn. De Conseil d'administration si jo Memberen, déi vun hinne proposéiert ginn. Mir hunn och de Conseil des auditeurs, deen op d'Bee gesat gëtt. An do wäert d'Enveloppe dann tëscht 9,6 an 12,1 Milliounen och sinn.

Et soll een och net vergiessen, dass Parrainagé méiglech sinn. Mir wollte jo net Publicitéit drop hunn, mee deen een oder anere kann och Pätter sinn oder Giedel si vun enger Emission. Do sinn ech och gespaant, ob dat funktioniert, wat dem Radio nach méi Moyene géif ginn, fir nach aner Saache kennen ze maachen. Elo wäerte Podcaste kennen organiséiert ginn, et kennen eng Rëtsch vun neie Punkte gemaach ginn.

Wat fir mech ganz wichtig ass, dass hei och ..., an dat ass unisono awer vun deene meeschten heibanne komm: De Radio 100,7 ass e complémentair Radio zu anere Radioen, déi et hei ginn. Et ass en effentlech finanziéiert Radio. En huet keen Drock vun Annonces, wou en dann och kéint Publicitéit gestrach kréien. Et ass wichtig och an engem fräie Staat, en onofhängege Radio vun tout but commercial och kennen ze hunn. Dat ass den 100,7.

Ech ginn elo net op den Detail an, wien elo méi Antennenzäit oder manner Antennenzäit hat. D'fir gëtt et jo och an Zukunft deen Auditeurskomitee. Wann ee mengt, e misst do reklaméiere goen, da soll en dat roueg kënne maachen.

Ech sinn awer frou an engem ... Ech ka mech erënneren, wéi ech Deputéiert war, dass ech ëmmer gekuckt hunn, wéi oft een op de Radio gaang ass, wéi oft eng Foto vum deem engen a vun deem aneren an der Zeitung war, a mech driwwer opgereegt hunn. Ech kann Iech just soen: De Wieler wäert Iech net jugéieren, ob Är Foto op der éischter Säit, op der drëtter Säit ass, mee iwwert d'Aarbecht an d'Proposition, déi deen een oder deen aneren och mécht.

(Interruptions)

Ech wëll just drun erënneren, dass et wichtig ass, Här President, ...

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Naja!

M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias | ... dass mer Radioen hunn an dass mer de Journalisten näischt virschreien. An d'fir hu mir elo eng Campagne électorale. An der Campagne électorale hu mer och d'ALIA gefrot, fir eeben och déi Kontrollen ze maachen, fir dass do keen duerno ka

soen: „Deen doten huet méi Zäit gehat wéi deen een oder wéi deen aneren“ – mee ech schreiw kengem Journalist vir, wien en ze invitéieren huet a fir wéi e Sujet och drop ze reagieren –, an dass de Journalist och fräi ass, dat kennen ze organisieren.

Här President, ech wollt just, well et déi lescht Intervention ass, déi ech och an dëser Legislaturperiod hei virun Iech hunn, der Chamber Merci soe fir déi Zusammenarbecht. Déi eng oder déi aner wäerte mer jo dann, hoffen ech fir eis alleguerten, am Oktober erëmgessinn. Deen een oder deen aneren huet decidéiert, sech net méi ze presentéieren. Déi eng fräiwëllech, déi aner manner fräiwëllech.

(Hilarité)

Op jidde Fall ass et fir mech wichtig, dass d'Wahlcampagne, déi nächst fir den 8. Oktober, elo och fair leeft, dass mer mat den Argumenter probéieren, deen een oder deen anere Wieler och ze iwwerzeegen.

Ech wollt Iech just, Här President, Iech stellvertredend fir Är ganz Administration, Merci soen. Mir hate keng einfach fënnf Joer. Ech wëll just un déi verschidde Krisen erënneren. Mir hunn net nëmmen eng Kris gehat, mir hu Polykrise gehat. An ech wëll der Chamber d'fir am Numm vun der Regierung och e grouse Merci soen, well et war net einfach an Dir hutt et awer färdigbruecht, dass mer déi demokratesch Wäerter an d'Fonctionnement vun dëser Institution konnt heichhalen. D'fir a mengem perséinlechen Numm als Premier e grouse Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Premier- a Medieminister Xavier Bettel. Parole après ministre fir den Här Yves Cruchten.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Merci, Här President. Ech sinn awer nach e bëssen ënnert deem Androck, wat virun hei vum Här Kartheiser gesot gouf. An ech konnt net direkt reagieren, well ech war e bësse speechless. Well hei gëtt, an ech wollt dem Minister dozou eng Fro stellen, jo esou déi Taktik gefuer, déi mer jo och kennen an anere Länner an Europa, wou déi effentlech Press diskreditéiert gëtt, si wär net neutral, si wär beaflosst. Domadder gëtt d'Vertrauen an eppes ganz Wichtiges ënnergruwen hei zu Lëtzebuerg, nämlech an déi fräi Press.

Mme Cécile Hemmen (LSAP) | Très bien!

M. Yves Cruchten (LSAP) | An ech hu wierklech bis elo gemengt gehat, dass mer hei zu Lëtzebuerg vun esou Discourse géife verschount bleiwen. Dat schéngt zënter haut net méi de Fall ze sinn. An d'fir froen ech gären de Premier- a Medieminister, wou mir kënne maachen oder wat fir eng Ustrengunge kennen ënnerholl ginn, fir dass mer d'Vertrauen an déi lëtzebuergesch Press, ob dat déi geschriwwen Press ass oder ob dat déi audiovisuell Press ass ..., fir déi heichzehalen a fir déi ze garantéieren.

Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Cruchten. An d'Wuert geet zréck un de Premier- a Medieminister.

(Interruption)

Vläicht fir d'éischt den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, ech mengen, ech wollt dat als Fait personnel, vu datt den Här Cruchten a senger Observation, nodeem e säi Speech erëmfongt huet, awer geduecht huet, e kéint mer dat dann hei reprochéieren, datt ech do eng Kritik, déi hie vläicht net als 100%eg berechtigt gesäit, datt ech déi awer hei formuléieren.

Ech wollt soen, et ass ganz normal an engem demokratescher Gesellschaft, datt och d'Medien, déi eng

enorm Responsabilitéit an eiser Gesellschaft hunn, sech der demokratescher Kritik stellen. Et ass och vollkommen normal, datt mir hei an der Politik kucken, wéi sech d'Medie verhalen. Et ass ganz wichtig, datt mer dat maachen. Et ass eppes, wat mer an der Schoul och probéieren, de Kanner bäizebréngen, wéinstens war dat esou: e kriteschen Émgang mat de Medien, eng kritesch Consommation vun de Medien, datt se wëssen, wat se héieren, wien et eventuell bezitt, wéi et muss verschafft ginn. Alles dat ass vollkommen normal!

Mir maachen dat mat ëmsou méi Berechtigung, well mer hei en effentlech-rechtliche Radio hunn, deen also nach ganz anere Qualitéitskriterien muss entspreche wéi aner Medien. Dat ass vollkommene berechtigt!

Et ass esou, datt d'Medie selwer, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mee eeben och a ganz villen anere Länner – ech kennen natier..., mee op jidde Fall déi wichtigst Nopeschlänner – ass et och esou, duerch déi Manéier, wéi se ëmmer méi eesäitig gi sinn iwwert déi lescht Joren an och verschidden Theeme wierklech no vir bréngen, déi net onbedéngt konsensuell sinn, mee, an do ginn ech net an d'Detailer eran, mee do duerch hu se e Vertraue verspillt bei engem groussen Deel vun der Population, wat mat derzou bäigedroen huet, datt déi sozial Medien en enormen Eesser kritt huet.

Well et ass nun eemol esou, zu Recht oder zu Onrecht, datt méi Leit haut oder vill Leit haut d'Vertrauen an déi sozial Medien entwéckelt hunn, well se do méi fräi kennen opriede wéi an deene klassische Medien. Dat huet Nodeeler, dat ass ganz kloer. Et ass awer eng Tatsaach.

A mir sollten net an eng Zensurmentalitéit verfallen doduerch, datt mer elo zum Beispill higin a wëllen déi sozial Medien méi reglementéieren. De Problem ass, datt déi klassesch Medien, déi Qualitéitsmedien, déi, op déi mer normalerweis bauen an déi e groussen Afloss an der Gesellschaft hunn, datt déi och mussen an engem introspektive Prozess kucken, datt se d'Vetraue vun de Leit erhalen an dat, wa se et verluer hunn, zréckgewannen.

Ech soen Iech Merci.

(Interruption)

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser. Elo geet d'Wuert un de Premier- a Medieminister Xavier Bettel.

M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias | Här President, ech widderhuelen, wat ech virun och gesot hunn: Dës Regierung huet esou vill Moyenen an d'Press och investéiert, fir dass se fräi hir Aarbecht ka maachen, fir dass se net tributaire ass och vun Annoncen. Mir hätten ouni déi Hëllef zu Lëtzebuerg bal keng Zeitung méi. Dat soll ee sech just bewusst sinn, dass een ouni d'Aide à la presse bal keng Press méi hätt, well et och finanziell ganz schwéier ginn ass, an dass mer och e Paradigme-wissel gemaach hu vum Papier op den Online. Ech wëll dat och just ervirhiewen, well ganz vill Leit dat vergiess hunn, mee am Ufank mat ganz vill Blocagen ... – also net Blocagen, awer éischter Ängschten. An ech mengen, dass dat och dee richteg Choix war.

Mir liewen an engem Land, wou d'Press fräi ass, deen ze invitéieren, dee si wëll. Ech soe just, dass an enger Campagne électorale, déi elo gläich ufängt, d'fir eng ALIA do ass, fir eeben och déi Temps-deparollen equitalement kennen ze distribuieren. Dat ass e Contrôleur, deen extern ass vum Staat an deen och déi dote Mission kritt huet. Dat ass eng Mission, déi all fënnf Joer ... – dann, wann eeben d'Chamberswalen och kommen, oder bei de Gemengewalen.

Mee ech si frou, an engem Land ze liewen, wou ech net de Journaliste soen, wat se ze maachen hunn – et ass meeschtens en Autocontrôle –, an all Organ selwer och fonctionéiert an an enger Période électorale, wéi gesot, en Externen, wéi eng ALIA, déi doten Aarbecht mécht.

Ech akzeptéieren net, dass hei gesot gëtt, dass d'Journalisten am Fong politesch net neutral sinn. D'Journalisten hunn déi Neutralitéit. A wann d'Aktualitéit mat sech bréngt, dass vläicht deen een oder deen anere méi geruff gëtt – an ech mengen, et huet schonn ee gesot, den Här Reding krut en Temps d'antenne déi lescht Deeg –, da proportionell gekuckt zu der Verdeelung vun de Sëtzer, da muss ee sech d'Fro stellen: „Ass dat da richtig oder net?“ Dat ass, well en d'Aktualitéit gemaach huet! Et sinn anerer ... D'Madamm Cecchetti huet elo och eng Zäit d'Aktualitéit gemaach. Jiddwereen heibanne kann ech eenzel huelen.

(Hilarité)

Jiddwereen heibanne kann ech eenzel huele wéinst engem Fait, ob en elo politesch oder net politesch ass, deen dann eeben d'Aktualitéit och mécht. An dat ass esou! D'Press wëll eeben och op d'Aktualitéit kënne reagéieren. An dann ass eeben och, selon l'actualité, deen een oder deen anere vläicht méi am Fokus.

A gleeft mer et – ech weess, vu wat ech schwätzen! –: Vill vun eis hätten am léifsten, si wieren heiansdo manner am Fokus, selon deem, wat geschriwwen gëtt. Ma an enger Demokratie ass et esou! On ne choisit pas ce que l'on écrit sur l'un ou sur l'autre. De Fait soll eebe reportéiert ginn. An den Débat public erlaabt et dann, fir Saache kloerzestellen. Mee ech si frou, an engem Land ze liewen, wou ech net als Medeminister der Press soen, wat se ze maachen huet!

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Premier-a Medeminister Xavier Bettel. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8209. Den Text steet am Document parlementaire 8209².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8209 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg uegholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emilie Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

M. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis ;

M. Roy Reding.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

3. 7989 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales

Mir kommen dann zum Projet de loi 7989, eng Reform vum Etablissementsrecht. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht a Rapportier vum dësem Projet de loi ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Classes moyennes et du Tourisme

Mme Carole Hartmann (DP), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, den Text, deen ech Iech haut virstellen, modifizéiert d'Gesetz vum 2. September 2011 iwwert den Accès zu den Handwiers-, Handels- an industrielle respektiv verschidde liberale Beruffer. Mir nennen dëst Gesetz „Droit-d'établissements-Gesetz“. D'Gesetz definéiert d'Reegelen, déi eng Persoun respektéiere muss, déi an de virgenannte Beräicher aktiv wëll ginn.

Den 28. Abrëll 2022 huet de Minister vum Mëttestand de Reformprojet vum Droit d'établissement presentéiert. D'Zil vun der Reform ass, d'Entwécklung vum Secteur vun de klengen a mëttlere Betriber ze dynamiséieren an de Grënnergeescht ze stimuléieren.

D'Reform schreift sech och an den europäesche Kader an. D'Europäesch Kommissioun huet den 12. Mäerz 2014 Recommandatiounen gemaach an d'Memberstaaten encouragéiert, e Kader ze schafen, fir dass viabel Betriber mat finanzielle Schwierigkeeten effizient kënne restrukturéiert ginn. D'Kommissioun recommandéiert och, éierleche Grënner eng zweet Chance ze ginn an domat de Grënnergeescht ze promouvéieren.

Ech wëll op verschidden Haaptännerungen am neie Gesetz agoen.

Fir d'éischt emol gëtt de Prinzip vum der Nouvelle Chance agefouert. Soumat kritt en Dirigeant d'Méiglechkeet, eng nei Nidderloosungsgeneemegung unzufroen no enger Faillite. D'Faillite ka komm sinn, nodeems e Betrib zum Beispill e wichtegeen Hauptclient verluer huet oder den Dirigeant vum Betrib krank gouf. An dësem Kontext gëtt eng Commission de la nouvelle chance geschaf, fir d'Viabilitéit vun der neier Aktivitéit vum Antragsteller vum der Nidderloosungsgeneemegung ze bewäerten.

D'Lëscht vun den Handwiersberuffer ginn och uegpass. Et kënn eng nei Lëscht C derbäi. Den Zougang zu de Professionen op der Lëscht C gëtt vereinfacht, andeems an Zukunft keng Qualifikatiounen méi fir dës Lëscht gefrot ginn. Dat ass zum Beispill de Fall fir de Fotograf oder den Agent technique d'immeuble. D'Zil ass et, den Handwierssektor un d'technesch an d'technologesch Evolutioun unzepassen a méi

Flexibilitéit fir en dynamischen Entrepreneuriat ze schafen.

D'Transmissioun vun engem Betrib un e Salarié, deen an dem Betrib schafft, gëtt och vereinfacht. Am aktuelle Gesetz huet e Salarié missen zéng Joer laang am Betrib sinn, fir dierfen de Betrib ze iwwerhuelen. Am neie Gesetz dierf en e Betrib schonn iwwerhuelen, wann en dräi Joer do geschafft huet, mat der Konditioun, dass en déi néideg professionell Qualifikatioun innerhalb vu fënnf Joer kritt. D'Reform vereinfacht op déi Aart a Weis d'Transmissioun vun engem Betrib, wat ëmmer méi wichteg gëtt, well geschat gëtt, dass een Drëttel vun de Betriber an den nächsten zéng Joer wäert de Proprietär wiesselen.

D'administrativ Demarché ginn da moderniséiert. D'Nidderloosungsgeneemegung mussen a Form vun engem zweedimensionale Barcode am Betrib affichéiert ginn. Domadder huet de Konsument e besseren Zougang zu Informatiounen iwwert de Betrib.

D'Reform vum Droit d'établissement viséiert och eng verstärkt Kontroll a Saache Geldwäsch a Financement vum Terrorismus. D'Reform gesäit en Austausch vun Informatiounen tëschent der Generaldirektioun vum Mëttestandsministère an allen anere concernéierten Administratiounen an Autoritéite vir wéi zum Beispill dem Enregistrement an och dem Centre commun.

Et gëtt ee legale Kader geschaaft fir d'Verlounen op kuerz Dauer vun touristesche miwweléeierte Logementer – Typ Airbnb – ab enger gewëssener Unzuel vun Iwwernuechtungen. Dobäi sollen d'Ufuerderungen, wat d'Hygiène an d'Securitéit ubelaangt, méi no erukommen un déi aner Secteure vun den Hotellen.

D'Reform wëll dobäi engersäits d'Fräiheet respektéiere vun deenen, déi just bei Geleeënheet e private Logement verlounen, an anerersäits awer Aktivitéite reguléieren, déi éischter der Aktivitéit vun der Exploitatioun vun engem Hotel no kommen. Dofir gëtt eng cumulativ Limit vum dräi Méint an enger Zäit vun engem Joer zanter dem leschte Verlounen agefouert. Soubal dës Limitt erreecht gëtt, brauch de Bedriwer vun der Ennerkonft eng Nidderloosungsgeneemegung.

Dat heescht méi konkret fir déi Exploitanten, déi de Seuil iwwerschritt hunn, dass si eng Formatioun iwwert d'allgemeng Hygiènesreegele vun de Liewensmëttel, d'Modalitéite vum Respektéiere vun deene genannte Reegelen, de Respekt vun de Mënscherechter an de Schutz vu Mannerjärege maache mussen. Dës Formatioun muss innerhalb vu sechs Méint nom Erreeche vum Seuil vun dräi Méint gemaach ginn.

Eng physisch Persoun kann héchstens als Dirigeant vun zwee Handelsbetriber vun der Lëscht A a B zougelooss ginn, ausser den Derogatiounen, déi d'Gesetz heizou virgesäit.

Wann en Dirigeant d'entreprise e Betrib verléisst, kann en eng provisoersch Nidderloosungsgeneemegung accordéiert kréie fir eng Dauer vu maximal sechs Méint, souguer wann déi besteeënd Geneemegung nach keng sechs Méint al war. Déi provisoersch Geneemegung kann eemol erneiert gi fir nach eng Kéier sechs Méint, ausser a verschidde Fäll, déi och am Gesetz opgefouert ginn. Dëst ass fir ze verhënnern, dass d'Aktivitéit vum Betrib abrupt opgehele muss ginn.

No där provisoerscher Phas gëtt gekuckt, ob de Betrib seng Verflüchtunge wéi zum Beispill déi vis-à-vis vun der Steierverwaltung an de Sozialversécherungen erfëllt huet, éier en eng nei Betribsgeneemegung kritt.